Histo School

# D'Geheimnis vum Gréiweschlass



**Muriel Moritz**
**Mat Zeechnunge vum Rasha Sawas**





Zu Käerch op engem Bam
sëtzt eng al Eil. Déi aner
Déiere sëtzen um Buedem a
waarden op d'Geschicht, déi si hinne
versprach hat. Si kuckt eriwwer
op d'Schlassruin an erzielt:

„Meng Urboma huet dës Geschicht
vun hirer Boma hirer Boma hirer
Urboma..." fänkt si un, mee dat
klengt Kaweechelchen ënnerbrécht
si a freet : „Wéini fänkt d'Geschicht
un?"


„Ech erzielen iech eppes vun där
Zäit, wou d'Ruin matten a Käerch
nach e schéint Schlass war an
doranner Leit gelieft hunn,..."
fiert d'Eil virun.



De Pierre Ernest war de Schlasshär an huet mat senger Fra Anna an hire Kanner do gewunnt. Et huet hinnen un näischt gefeelt.

D'Leit aus dem Duerf hu Brout, Fleesch, Geméis, Uebst a schéi Kleeder op d'Schlass bruecht fir ze verkafen.

Souguer Musikante si komm an hunn d'Leit zum Danzen a Laache bruecht. D'Margréit a seng Mamm sinn och op d'Schlass gaangen an hu Kraider, Blummen, Sirop an Téi verkaaft.





**Dem Margréit seng Mamm war ganz beléift, well si och wonnerbar Kamellen aus Kraider gemaach huet. Si ass dacks de Bierg erof an déi fiicht Wisen un der Äisch gaange fir Planzen, Wuerzelen, Champignonen a Bëschfriichten ze sammelen. Kaméileblumm, Lannebléien, wëlle Knuewelek, Päerdsbier, Bëschäerdbier, Spackelter, ...mmh! Déi huet si opgehaangen, fir ze dréchnen. Et huet ëmmer sou gutt gericht, datt d'Kanner aus der ganzer Strooss komm sinn, fir eranzeluussen an ze schmaachen.**



Dem Margréit säin Hausdéier war e Kaweechelchen, dat ganz gescheit, awer virwëtzeg war.

Enges moies waren d'Mamm an d'Margréit am Gaart an hunn no Bettseechesch gesicht, fir eng gutt Zalot ze maachen. Si waren eng Zäit laang esou beschäftegt, datt si net gemierkt hunn, wéi den Nopeschjong Georges an d'Haus geschlach ass, fir sech séier zwou Kamellen aus dem Dëppchen am Regal ze stibitzen. Dobäi huet hien net gutt opgepasst: hien ass widdert eng Schossel mat Champignone gestouss an déi sinn dunn erof an eng aner Schossel mat Champignone gefall. O mei! Wat en Duercherneen! De Georges huet se all opgeraf a keen huet et an Uecht geholl.







D'Mamm ass dunn, wéi gewinnt, op d'Schlass gaangen an huet all hir Saache verkaaft. Houschtsirop, en Téi géint Bauchwéi,... an eng Schossel mat frësche Champignonen. Beim Owesiessen hunn de Schlasshär, seng Famill a Frënn sech déi gutt Champignonszopp schmaache gelooss, déi de Kach virbereet hat. E bësse méi spéit sinn si op eemol all dorëmmer geturnt, gehopst a gesprongen. Si hu Lidder gesongen, déi si net kannt hunn. Dobäi hunn si sech ausgedoen, bis si just nach hir Ënnerwäsch unhaten. Mat de Reschter vum Iessen hunn se geschoss, op den Dëscher gedanzt a vill dobäi gelaacht. Hir Kleeder hunn si deen aneren Dag am Gaart erëmfonnt.

Dee Moien drop wousst jiddereen am Duerf Bescheed, souguer am Nopeschduerf gouf iwwer déi fei Leit aus dem Schlass geschmunzelt.








Dem Margréit seng Mamm ass op d'Schlass geruff ginn an huet missen am Hexentuerm waarden, bis e Riichter soe sollt, wat mat hir geschitt. Si war Schold! Et konnt nëmme vun hire verzauberten Iesswuere sinn!

War si eng Hex?

Och no e puer Deeg huet si nach net dierfen heem goen. D'Margréit souz eleng an der Kiche mat sengem Kaweechelchen ze spillen an nozedenken. Hatt wollt der Mamm hëllefen – awer wéi?

Op eemol hat hatt eng Iddi! Am Regal, ganz hannen am Eck hat seng Bomi viru laanger Zäit e klenge Säckelche verstoppt an him ee Geheimnis verroden. An dunn wousst d'Margréit wat ze maachen ass!





Hatt huet d'Kaweechelchen an
den Tuerm geschéckt, fir der
Mamm de Som aus dem Säckelchen
ze bréngen. E besonnesche Som!

Den Tuerm war immens héich an et
konnt ee just vun uewen erakommen.
Mee d'Kaweechelchen ass duerch eng
kleng, schmuel Fënster eragehuscht.
D'Margréit huet dobaussen hannert
enger Heck gewaart a gekuckt.



Den Tuerm gesäit iergendwéi traureg aus! huet et sech geduecht. Schonn dacks sinn an him Leit agespaart ginn… Fir en Tuerm ass dat net flott a fir déi agespaarte Leit scho guer net. Vläicht kéint een eppes méi Schéines mat deem Tuerm maachen.


Wéi d'Kaweechelchen erëm erauskomm ass, huet et am Buedem um Eck vum Tuerm de Rescht Som verbuddelt. Direkt ass eng kleng Planz aus dem Buedem gewuess.

Séier an ëmmer méi séier ass se laanscht d'Mauere vum Tuerm eropgeklommen. D'Planz huet Blieder a Blieder gemaach, obschonns et Nuecht war a keng Sonn geschéngt huet.

Den Tuerm war elo vun ënne bis uewe mat Blieder bedeckt. Op eemol huet e sech geréiert. En huet sech gereckt a gestreckt, wéi wann en éiweg laang geschlof hätt. Dunn ass en mat senge grénge Been a Féiss einfach fortgaangen.







Deen aneren Dag huet de Schlasshär e bësse komesch gekuckt, wéi e moies an den Haff vum Schlass komm ass, an eppes gefeelt huet: Den Hexentuerm war fort! An d'Leit aus dem Duerf stoungen déi aner Säit vum Waassergruef, dee ronderëm d'Schlass war, an hunn erstaunt duerch dat grousst Lach an der Mauer an de Schlasshaff gekuckt.

Jiddereen, deen do an der Géigend gewunnt huet, ass kucke komm. De Schlasshär Pierre Ernest wousst senger Hänn kee Rot an huet seng Ritter ëm Hëllef gefrot. Natierlech hunn se nom Tuerm gesicht. E war awer néierens ze fannen...

Wéi konnt dat nëmme geschéien? Firwat hunn si an der Nuecht näischt héieren? Hu si all esou fest an déif geschlof? Souguer d'Ritter, déi den Tuerm an d'Schlass bewaachen? De Schlasshär huet sech de Kapp zerbrach. Ee vu senge Kanner, dee Klengsten, sot: „Vläicht hat den Tuerm einfach keng Loscht méi, Pappa, an e war traureg!"










D'Margréit war an der Nuecht heemgaangen, well den Tuerm ze séier fort war. Mee hatt war berouegt, well den Tuerm hat eng gutt Séil.

Moies huet d'Margréit matkritt, datt d'Leit den Tuerm géife sichen. Et huet awer kee vun hinnen d'Margréit gefrot, wéi et him geet. Schliisslech war seng Mamm jo och verschwonnen!

Just de Gaderius, de Paschtouer vu Käerch, ass bei hatt kucke komm an huet hatt berouegt, an him gesot, datt iergendwéi alles nees an d'Rei géif kommen.

De Gaderius hat eng kleng Iddi, wou ee kéint sichen, an ass zesumme mam Margréit duerch de Bësch erof bäi d'Äisch gaangen, ëmmer méi wäit ewech vu Käerch.



**No laangem Sichen hunn si hanner villem Gréngs op enger Lichtung bei Simmer den Tuerm fonnt, donieft dem Margréit seng Mamm an d'Kaweechelchen. Zesummen hunn si probéiert, den Tuerm ze iwwerzeegen, datt seng Plaz beim Schlass ass, an datt en do vermësst gëtt.**

**Lues a lues huet den Tuerm sech berouegt, a wéi et Owend ginn ass, sinn si all zréckgaangen.**



Den Tuerm huet dem Gaderius an der Mamm gefollegt an huet sech nees op seng Plaz am Schlass gesat. Komescherweis hunn d'Leit rëm all déif a fest geschlof an net mol d'Wiechter, déi sech nieft d'Schlasspaart gesat haten, sinn erwächt.

Wéi den Tuerm erëm do stoung, ass d'Planz lues a lues zréckgewuess an am Buedem verschwonnen.

D'Mamm an d'Margréit hunn dem Gaderius Merci gesot a sinn heemgaangen.





Deen aneren Dag hunn d'Leit nach emol gestaunt, wéi den Tuerm nees op senger Plaz stoung. En huet iergendwéi anescht ausgesinn. Dee Klengste vun de Kanner huet et an Uecht geholl : „Kuck Pappa! Do wuesse Margréidercher beim Tuerm. Wéi schéin! Gell Pappa, elo späers du keng Leit méi an!"

An sou war et. De Schlasshär Pierre Ernest huet säi Versprieche gehalen a vun do u kee méi an den Tuerm gespaart. Si hu bannendran alles geraumt an den Tuerm a Rou gelooss. Esou konnten nees Blummen an déi beschte Kraider do wuessen…







D’Margréit war frou, datt seng Mamm nees do war. Ee Gléck hunn d’Leit mat deem ganze Gedeessems ronderëm den Tuerm vergiess, wat fir ee Chaos si am Schlass deemools mam Iessen ugeriicht hat.

Just dee Klengste vum Schlasshär senge Kanner huet heiansdo sou komesch Dreem, wou si all op den Dëscher danzen, no engem gudden Owesiessen, an hir Kleeder zur Fënster erausgeheien… Mee dat ass jo just en Dram.

„Sou! Dat war d’Geschicht”, seet déi al Eil, an ass elo ganz midd. Déi kleng Déiere sinn nach ganz äerdeg a froen: „A wat huet dat klengt Kaweechelchen nach gemaach?”

„An den Tuerm? Huet hie sech nach erënnert?”
„Wat war dat fir eng Planz?”
„Ass déi nach do am Schlassbuedem?”
„An de Jong, deen d’Champignone fale gelooss huet?”
„An d’Mamm? War si eng Hex?”
„An, an, an,…“



Déi al Eil kuckt eriwwer bei d’Schlassruin a blënzelt dem Tuerm zou.





LEADER
Lëtzebuerg West
Welcome - Willkommen - Bienvenue


## Impressum:


| | |
|---|---|
| Text: | Muriel Moritz |
| Illustratiounen: | Rasha Sawas |
| Koordinatioun: | Céline Lanners, Nathalie Simon-Stammet |
| Layout: | Rose de Claire, design |
| Drock: | Imprimerie Quintus |
| Oplag: | 600 |
| Download ënner: | www.letzebuergwest.lu |

August 2020
ISBN: 978-99959-917-4-6
Emgesat am Kader vum LEADER Projet HistoSchool vun der Regioun Lëtzebuerg West.



© LEADER Lëtzebuerg West, Tënten, 2020.
All Rechter, insbesonnesch déi vun der Vervillfältegung, vum Nodrock an der Iwwersetzung si virbehalen.



9 789995 991746

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Europäesche Landwirtschaftsfonds
fir d'Entwécklung vum ländleche Raum:
Hei investéiert Europa an déi ländlech Gebitter

Regioun
Lëtzebuerg West